den Dag vum President zu Rabais

Um Virowend vun eiser Sortie op Rabais, hunn mir zu Lamadelaine op de Weiere „beim Alain" eis 22. uerdentlech Generalversammlung ofgehalen, Dës war ganz gutt besicht an ass ewéi ëmmer ganz harmonesch verlaf. Et haten erfreelecher Weis vill vun eise Memberen de Wee op d´Weiere fonnt an haten domadder dem President a senge Comité Memberen hir Aarbecht, déi Sie dat ganzt Joer fir de Veräi geleescht hunn, gewierdegt.

Lass gaangen ass et ewéi all Joers mat der Usprooch vun eisem President, de Jean – Jaques May. No der Begréissung vun de Memberen huet Hien a kuerze Wieder dat vergaangent Joer mat eisem Veräinsliewe Revue passéiere gelooss an huet dunn d´Wuert un de Sekretär weiderginn dee senger Säits ee puer Wierder iwwert d´Sortien, déi dat lescht Joer stattfonnt hunn, verluer hat.

Uschléissend war et dunn um Caissier, dem Jemp Hoffmann, fir säi Keesebericht ze presentéieren, dee vun de Caisserevisore Gérard Bertholet a Jemp Nicolas iwwerpréift an uschléissend och vun de Memberen entlaascht ginn ass. Duerno war et un de Comitéswahle bei deenen déi austriedend Comitésmemberen, Gast Graas, Raymond Paulus a Luss Dilk, unanime erëm gewielt gi sinn.

Den nächste Programmpunkt war d´Virstellung vum Joresprogramm fir déi nei Saison, och dëst Joer huet de Comité erëm een ofwiesslungsräiche Programm opgestallt woubäi verschidde Sortien net méi am Programm opgedaucht sinn an awer och al traditionell Sortien ewéi eis Sortie op Sommedieue erëm eng Plaz an eisem Programm fonnt hunn. Eng leschte Kéier probéiere mir dëst Joer eis Sortie op den Domaine du Salamandre stattfannen ze loossen, soll dat och dëst Joer net zu staane kommen da sträiche mir Latilly ee fir alle mol aus eisem Programm. Dunn war et un der Éierung vum Clubchampion am Joer 2018 den Dan Pierrot deen och dat lescht Joer souverän Clubchampion gi war, déi zweete Plaz an deemno Vize – Clubchampion war de Patrick Scheid ginn an déi drëtte Plaz war fir de Bartholmé Patrick. Zu gudder Lescht hunn mir dee flotten Owend ofgeschloss andeems mir eis bei Schnittercher an enger Coupe Cremant de Film, d´Rees duerch d´Joer 2018, ugekuckt hunn.

Den Dag no der Generalversammlung fuere mir ëmmer op Rabais an d´Belsch fir mat der Méck ze fëschen. Eise President de Jeek, deem et dëst Joer net méiglech war mat eis zesummen ze fëschen hat et sech awer net huele gelooss fir bei Kollegen ze kommen an Dës zesumme mam Jemp ze bekäschtegen.

Mir haten et dëst Joer fir eisen Dag vum President nawell gutt mam Wieder erwëscht, de ganzen Dag iwwer huet d´Sonn geschéint och wann Mëttes a bee mol een äisege Wand geblosen huet. Moies waren d´Fësch awer ganz zéi an et ass wéineg gefaange ginn, heibäi haten ze guer déi Fëscher wellecht scho kënnen als Spezialiste fir Rabais bezeechent ginn, hir Schwieregkeete fir d´Fësch ze iwwerlëschten. Och wat d´Methoden ubelaangt huet sech keng eraus kristalliséiert déi besonnesch fängeg gewiescht wär. Mëttes ewei dunn d´Loft opkomm ass sinn a bee mol och d´Fësch waakreg ginn an eis Fëscher sinn dunn och op hir Käschte komm. Déi meeschten Fësch sinn am ënneschten Deel vum Weier gefaangen ginn do wou d´Waasser méi déif ass. Ganz gutt ass mat engem System mat Chironomen, déif ugebueden, gefaangen ginn.



Natierlech.....elo kënnt et erëm..... huet eis Mëttegpaus och dës Kéier net dierfe feelen, dat kënne mir jo besonnesch gutt an ech mengen esou ass et och ze erklären dass Moies net esou gutt gefaange ginn ass.....eis Fëscher waren einfach hongereg a mat eidelem Mo.....jiddwerfalls ass et jo Mëttes dunn besser gaangen also misst ee jo schlussfolgeren dass déi Fëscher déi Mëttes am meeschte gefaangen hunn, och am meeschten an der Mëttespaus dobäi gemaach haten. Obschonns ech menge wann et ëm d´Iessen geet, do si mir Alleguerte gutt dran. An wat gehéiert zu esou enger Mëttespaus dann nach dozou.....natierlech ee bësse Fëscherlatäin.